

REÇU
Par Alf Christian, 08:07, 11/01/2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Wéi d'Sequenzéierung duerch den LNS hei zu Lëtzebuerg gewisen huet, sinn haaptsächlech dräi Virusvariante present. Déi neiste Mutatioun, déi aus Groussbritannien kënnt, ass awer och zu Lëtzebuerg nogewise ginn. Well hir och op de soziale Medien eng besonnesch Geféierlechkeet attestéiert gëtt, wëll ech dës dréngend Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madamm Gesondheitsminister stellen:

1. Leeft d'Sequenzéierung vum Corona-Virus a positive Prouwe weider plangméisseg?
2. Ginn all positiv Prouwe sequenzéiert?
3. Falls nee, a wat fir engem Intervall/Schlëssel ginn déi Prouwe sequenzéiert?
4. Wéi vill vun dëse Prouwe sinn an deene leschte véier Woche sequenzéiert ginn?
5. Wéi vill vu de positive Prouwe stame vun der neier brittescher Mutatioun vum Virus a wéi vill vun de positive Prouwe stame vun deenen zu Lëtzebuerg üblechen dräi Mutatiounen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



REÇU
Par Alf Christian, 16:41, 14/01/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 14 janvier 2021

Réf. : 836x0fe32

Concerne: Question parlementaire urgente n° 3411 du 9 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3411 du 9 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le « séquençage de la Covid-19 ».

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3411 du 9 janvier 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le « séquençage de la Covid-19 ».

De nationale genomeschen Iwwerwaachungsprogramm beim LNS huet sech an de leschte Méint entwéckelt mat enger duerchschnëttlecher Ofdeckung vun 10% vu positive Fäll, mat insgesamt 3917 Échantillonnen, déi bis haut sequenzéiert goufen. No der Ernennung zum nationale Referenzlaboratoire fir akut Otemweesinfektiounen, plangt den LNS d'Ofdeckung op all hospitaliséiert positive Fäll auszebauen. Déi aktuell Ofdeckungskapazitéit gehéiert zu den héchsten an Europa. Den aktuelle Plang erlaabt eis all Aféierung vu neie Varianten an d'Land z'entdecken.

Den LNS féiert Stéchprouwe vun alle positive Fäll duerch. Dëst ass d'Standardapproche wéinst der technescher Begrenzung vun der Sequenzéierung vun alle positive Fäll, awer och wéinst den dédiéierte Ressourcen am Fall vun enger massiver Erhéijung. Zum Beispill ass d'gemellten duerchschnëttlech Ofdeckung a Groussbritannien 10% an den LNS erreicht de Moment dës Wäert. Wéinst der reduzéierter Unzuel vu positive Fäll an de leschte Wochen an der Kapazitéit vun 384 Prouwe pro Woch kann den LNS an der kommender Woch 30-40% errechen, wann de Positivitéitstaux sou niddereg bleift.

Den LNS sequenzéiert 384 Échantillonnen pro Woch an ënnersicht de Moment en Automatiséierungssystem fir dës Kapazitéit ze verduebelen.

Am Zäitraum vum 28. Dezember bis den 3. Januar goufen 10 zirkuléierend SARS-CoV-2 Varianten (cf Illustratioun) entdeckt, wat d'Observatiounen vun de leschte Wochen mat dräi Haaptzirkuléierungsstämm bestäetgt, nämlech d'Linne B.1.160 (31%), B.1.177 (38%) a B.1.221 (13%). Dräi nei Fäll vun der britescher Variant B.1.1.7 goufen entdeckt, sou dat mir am Moment een Total vu sechs Fäll mat dëser Variant hei zu Lëtzebuerg hunn, den éischte Fall gouf den 31. Dezember 2020 entdeckt. Weder déi südafrikanesch Variant B.1.351, nach déi japanesch Variant B.1.1.248 goufe bis elo festgestallt.

Nodeems den LNS als Referenzlaboratoire désignéiert gouf, iwwerpréift d'Équipe de Moment Prouwen aus de Spideeler an de private Laboratoirë fir déi éischten Entrée vun de neie Varianten zu Lëtzebuerg z'identifizéieren.

Dës Enquête gëtt an enker Koordinatioun/Zesummenaarbecht mat der Direction de la santé/Inspection sanitaire duerchgefouert.